


*J. P. Wust*  
*1939*

**WO' KENG MAMM  
ME' ASS**

En dramatescht Stéck an 2 Akten

vum

**J. P. WUST**



1939

Drock a Verlag vum P. WORRÉ - MERTENS  
Letzeburg - Lampertsbiërg



PERSO'NEN:

- Reiter*: Schreiner mëschter.  
*Gaston*: Sei Jong.  
*Gre'ichen*: Dengschtmod beim Reiter.  
*Lambert*: E reichen Här.  
*Miller*: En Här vun donkler Hierkonft.  
*Mme Brimmer*: Eng arm Frâ.  
*Anny*: Duechter vun der Mme Brimmer.  
*F. Commissär*:


---

(Ergreifend.)

---

DÉCORATIO'N.

(Wunzemmer vun Reiter. An der Mött, a lenks eng Dîr. An der Mött vun Zemmer stét e gro'ssen Desch mat en etlech Still ronderem. Dat anert no bele'wen.)



# 1. Akt

## 1. OPTRET.

*Reiter:* (Setzt beim Desch. Huet zimlech gro Hoer. Kukt seng Schrefte durch. Hien huet e Bröll op, an e blot Schierdeg un. Eng kleng Geldkösch stét bei him op dem Desch. En huet en dönnen Summerpaltong un.)

*Gré'tchen:* (Schon eng ziemlech al Perso'n, courage'ert, kennt mat Kaffisgeschir eran, a stellt Alles op den Desch.) „Elo sollt Dir endlech emol de Kaffi drenken, Här Reiter. Et ass scho bal 10 Auer.“

*Reiter:* (Lues a gemidlech) „Ass mei Jong da schon opgestanen?“

*Gré'tchen:* „Jo, jo, dén ass op. — Ech hun de Gaston a sengem Zemmer he'eren treppelen.“

*Reiter:* „Abé, dann ass et gut, da kenne mir jo zesammen de Kaffi drenken.“

*Gré'tchen:* (Steipt d'Hänn an d'Seiten) „Mä, mä, grad ewe' wann Dir de Kaffi net kennt eleng drénken.“ — Ower nèn, dat get et hei einfach net. Et muss jo emmer gewart gin, bis et dém jongen Här gefällt aus de Plaumen ze krauchen, a wann Iech dobei de Mo ge'f brommen ewe' eng Trommel.“

*Reiter:* Gré'tchen a wat sot Dir do? Op émol eso' eng Sprôch.“

*Gré'tchen:* „Jé, je! et muss dach émol eraus. — Dir get vu kengem Mensch eppes gewuer, an duerfir muss ech Iech et soen. Dé jongen Här mécht d'Nuecht zum Dâg, schle'ft bis an den helle Mettég eran, an Dir plot Iech fir Geld an d'Haus ze schaffen, an dé jongen Här dén dre't et fort — Gott wés wo'hin. An der ganzer Noperschaft get dervun geschwat. — Et ass traurég!“

*Reiter:* „Losst se nemme schwätzen. — Dat ass de puere Neid, well ech et zo' eppes bruecht hun, a well ech mei Jong stude'ere gelôss hun, a well

ech him elo d'Mettel gin, fir ze liewen we' et him gefällt. Jo, jo eso' ass et."

*Gre'tchen:* „Gewess! An hien wärd och schon eso' lang drop lass liewen, bis neischt me' do ass fir ze liewen. Krémillnontzég am Schâf, wann ech eppes ze soen hät!"

*Reiter:* „Jé, jé, wat Sâchen, (klappt op d'Geldkescht) mir hu Geld!"

*Gre'tchen:* „Här Reiter, och dén de'fste Bûr schäfft sech aus, wann eso' drop lass geschäfft get. Et ass jo net me' erlâbt. Dir vergonnt Iech neischt, an de Gaston dén dre't et mat den Dausende fort."

*Reiter:* „Wat sollt Dir wuel dovun verstoen Gre'tchen. — Dat Geld dat mei Jong brauch, dat brengt ons dausendfach Zensen eran. — Hahaha, — Dir sot: Hie mecht d'Nuecht zum Dâg? Ja, gewess, mecht hien dat, well hien stude'ert, ja, duerfir."

*Gre'tchen:* „O du lewer Gott, Dir musst dach blann sin, ech wesst emol gieren wat hien stude'ert."

*Reiter:* „Dat verstin mir allen zwé net. — Mei Gaston ass e Genie — dat schafft a rappt un him — hien wès nemmen nach net no wat fir enger Seit hien sech entwéckele soll."

*Gre'tchen:* „Jé, jé, Genie — Krémillnontzég am Schâf, en Droppmecher ass et!"

*Reiter:* „Gre'tchen — sot neischt eso' vu mengem Jong, soss gin ons Wéen ausernén!" (Fir sech: Ja, wo' keng Mamm me' ass.)

*Gre'tchen:* „Här Reiter, ech he're gut. Dir kennt wuel soen: „wo' keng Mamm me' ass. An et ass och besser ech gin fort, well dat kann ech net me' mat machen."

*Reiter:* (Frendlech) „Gut Gre'tchen, losst dach nemmen dat Gegrommels. An Èrem Hierz sit Dir mengem Jong dach gut. — Gesitt Der, ech hun mei Kand gezillt fir datt hien eppes besseres soll gin, we' dat wat ech war, a sin. An de Gaston

brenge et och zo' eppes. — Ech well Iech et soen: mei Jong stude'ert elo de' schwarz Seiten vum Liewen fir doriwer e Buch ze schreiwen. — An dat mecht net' nemmen hien berühmt, nén mech och. Ech hun nach emmer fir d'Berühmthéten vill iwreg gehuet, ower leider hun ech missen e Schreinerme'schter gin, an dobei ass et bliewen.“

*Gre'tchen:* „Engem Schreinerme'schter dén et zo' eppes bruecht huet, dèt all Mensch den Hût of. — Dir kennt Iech dach sécher net bekloen.“

*Reiter:* „Ech bekloe mech och net, Gre'tchen, ech sin elo fro'h dass ech et zo' eppes bruecht hun, domat ech net brauch ma'm Geld ze spueren, fir mengem énzege Kand dat ze gin, wat mir selwer a menger jonger Zeit versot ass bliewen.“

*Gre'tchen:* „Jo, mä eppes klengs we'neger wèr besser, spe'der get Dir mir nach Recht.“

*Reiter:* „Ech sin stolz op mei Jong, ganz stolz, an ech vergonnen him seng Ro'h muerges no senger viller Me'h. Dat muss dén arme Jong dach gewess stark ugreifen (Klappt dem Gre'tchen op d'Schöller) So'! — Elo wessst Dir et, an elo bekemmert Dir Iech me' em de' Sâchen verstitt Der.“

*Gre'tchen:* „Nujé, dém net ze rôden ass, dém ass och net ze hellefen. Dir kritt Er Gudhét nach bezuelt. (Et schellt).

*Reiter:* „Kukt emol gleich Gre'tchen, wien dat ass. Villeicht ass et den Här Lambert dé mech an enger Sâch sprieche wellt. Fe'ert dén Här gleich hei eran. — (Gre'tchen gét aus) Dé reichen Här Lambert — wat soll dén wuel vu mir wellen?“

*Gre'tchen:* (Kennt eran) D'Brimmesch vun do iewer aus dém klengen Heischen ass do, sie wellt Iech eppes froen.“

*Reiter:* (Be'ss) „Wat wellt sie dann?“

*Gre'tchen:* „De' Frâ geseit ganz traureg aus.“

*Reiter:* (Sicht an de Schreften.)

*Gre'tchen*: „Et schengt grad we' wann de' arm Frâ gekrasch hätt.“

*Reiter*: „Hm, hm, ja — “.

*Gre'tchen*: (Fir sech: do ass och eppes net an der Rei.)

*Reiter*: (Hârd) We'?

*Gre'tchen*: „Soll ech de' arm Frâ eran fe'eren?“

*Reiter*: (Ongedeleg) „Jo, jo — — —.“

*Gre'tchen*: „Ech schéken se elo eran.“ (Gèt aus.)

*Reiter*: (Dre'nt sech erem) „Gre'tchen — —!“

---

## 2. OPTRET.

Reiter — Madame Brimmer.

*Mad. Brimmer*: (Kennt bis an d'Dir, a bleift do stoen.  
Sie ass arm, ower propper ugedôn,)

*Reiter*: „Wat get et? — —“

*Mad. Brimmer*: „Dir hat mir geschriewen, Här Reiter.“

*Reiter*: „Maja, Maja. — —“

*Mad. Brimmer*: „Ech — ech — sollt eraus. —“

*Reiter*: „Ech brauch de' Brâck selwer.“

*Mad. Brimmer*: „Ower — ower, et kann Iech dach net am Èscht gemengt sin?“

*Reiter*: „Hm, — ja — denkt Dir dann Dir ge'ft an Èrem Ègentom sätzen?“

*Mad. Brimmer*: „Oh, Här Reiter, kukt hei, we' ech démols Èr krank Frâ gepflegt hun, do — do huet si gesot zo' mir „Brimmesch“ huet sie gesot „eso' lang we' Dir le'ft, eso' lang kennt Dir emsoss hei an dém Heischen wunne bleiwen. Dat huet Dir verdengt. Ech hun doriwer schonn mat mengem Mann geschwat“ An Dir selwer Här Reiter, we' mir démols Èr Frâ begruewen hun, hut Dir mir dat och versprach.“

*Reiter*: „Jo, gewess — an hun ech dann mei Versprèchen net 15 Joer lang gehalten?“ —

*Mad. Brimmer:* „Jo, dat hut Dir jo gehalen, ower elo — soll ech dach<sup>er</sup>eraus.“

*Reiter:* „Et dét mir lèd, ower we' ech geschriewen hun, eso' bleiwt et.“

*Mad. Brimmer:* „De' puer Joer de' ech nach villeicht ze liewen hun — Här Reiter, ech well jo gieren e wene'g Loyer bezuelen, mein Anny verdengt jo elo och e besche weider. — Wann ech schaffen kennt — —.“

*Reiter:* „Dat notzt alles neischt, dat Heischen soll zo' engem aneren Zweck emgebaut gin.“

*Mad. Brimmer:* (Traureg) „Jo natierlech, wann et eso' ass, — da müssen de' arm Leitt eraus. (Kreischt a géht lues aus.)“

*Reiter:* Wat huet sie gesot? — nèn — eso' eppes! Et dét mer jo lèd, Dag a Nuecht huet sie meng Frâ getre'scht gepflegt a versuergt, — ower ech hun hier dat jo och bezuelt. 15 Joer lang huet sie bei mir fir neischt gewunt — me' kann sie dach net verlangen. Dat muss de' Frâ dach âgesin.“

---

### 3. OPTRET.

Reiter — Gaston.

*Gaston:* (Kennt vu lénks eran. 't ass e jonge Mann, op de neie Mo'd gekléd. Ass ofgespant, dem Reiter ge'ntiwer spöttesch, a ganz gleichilteg a Geldsâchen.) „Gude Muergen!“

*Reiter:* (Frendlech) „Ah, bass de do, Gaston! — — De Kaffi ward scho lang op dech — ech och.“

*Gaston:* „Virwat wartst du dann?“

*Reiter:* „Jo, du wèst jo dass et mir net schmacht wann's du net hei bass. Ech well we'negstens de Kaffi mat dir drénken. Dat ass jo de' énzeg Stonn am Dag wo' ech dech ganz fir mech hun. Jo, (Schenkt dem Gaston an) De' aner Zeit hues du

dach emmer mat dengem Stude'eren ze din. —  
Hues du da bal genug Material zesummen fir dei  
Buch?“

*Gaston*: (Spilt mat senger Auerketten) „Mei Gott jo,  
schon eng ganz Mass (Drénkt.)

*Reiter*: „Abé, wést du, wann et fierdeg ass, da losse  
mir dausend Stèck an engem feinen Aband dréken.  
Ech hun alles iwerluegt wíem ech ént schenken,  
dem Burgermêschter, an dem — —

*Gaston*: „Ech hun geschter mat dem Här Aubertin  
geschwat, hien wellt mir dén Auto fir 15.000 fr.  
lossen.

*Reiter*: „Aha, 15.000 fr. soll dé kommen?“

*Gaston*: „Wann dat dir ower zevill ass — —

*Reiter*: „Du wést jo, dass mir neischt zevill deier ass  
fir dech -- —

*Gaston*: „Oder wann's du wellst 30.000 fr. aussetzen,  
da kennt ech mir jo — —

*Reiter*: „Da welle mir et dach le'wer bei dén 15.000  
fr. lossen Gaston — mir haten am leschte Joer  
vill Ausgaben — —

*Gaston*: Soll dat e Virwurf sin?“

*Reiter*: „O nèn, o nèn!“

*Gaston*: „Oder hues du d'Mettel?“

*Reiter*: „D'Mettel? o dach, de' hun ech schon, Geld  
ass do! — Ech brauch fir mech jo neischt, ons't  
sche'nt Haus ass scholdefrei. So Gaston, dat ass  
mei Stolz. (Kleng Paus) Du sést jo neischt. Du  
geseist iwerhâpt schlecht aus. — Du sollst dech  
me' scho'nen.“

*Gaston*: „Dat verstést du net. (Stét op) ja, dén Han-  
del mat dém Auto ge'f ech gieren haut nach per-  
fekt machen, soss kommen ech nach ze spe't.“

*Reiter*: (Stét op) „Gewess! Ech schreiwen dir eng  
Uweisung (Setzt sech bei den Desch). Sollte mir  
net emol dat Heischen do iewer — et muss  
jo emgebaut gin. och nach wégent dengem Auto,  
du wellst jo eng Garage drun uschle'ssen —



*Gaston*: „Eso' lang kann dén Auto bei méngem Friend stoen et get jo keng Onkäschten.“

*Reiter*: „Jo mat dem Neibau gét et derno se'er. D'Bimmesch de' muss jo och eraus, sie mécht genug Spektakel.“

*Gaston*: „Mir missten de' Frâ entschädégen — —

*Reiter*: „Entschädégen? we' dat? sie huet däch 15 Joer emsoss dra gewûnt.“

*Gaston*: „Gewess — Papp — ower hm — de' arm Frâ — wuer soll sie dann hin? —“

*Reiter*: „Du huest e gut Hierz mei Jong! — Jo — ech well déer arme Frâ eng Somm Geld gin. (De Reiter huet d'Uweisung fêrdeg, get se dem Gaston, de Gaston stécht se gleichilteg an seng Täsch)

---

#### 4. OPTRET.

Gre'tchen -- Reiter — Gaston.

*Gre'tchen*: (Kennt eran.) „E gewessen Här Miller wellt Iech spriechen.“

*Reiter*: „Mech?“

*Gaston*: (Opgeregt) „Dat ass fir mech! (zum Gre'tchen) Sot dém Här e soll en Abléck Gedold hun. (Gre'tchen gét aus) Du bass net déermossen ugedôn Papp, we' oft hun ech dir dat scho gesôt. Du sollst dé Gebrauch opgin, emmer mat dém blôe Schîrdeg do; du bass dach dé klenge Mann net me' von démols.“

*Reiter*: „Jo gewess, du hues Recht Gaston, wann's du ower denkst — ech ge'f bei dém —

*Gaston*: „Här Miller ass e Friend vu mir — an et wèr mir net recht — dat blôt Schîrdeg do passt wirkleg net heihin.“

*Reiter*: „Wann ech ower am Atelier bei mungen Ar-bechter anescht ge'f kommen, do ge'wen sie sech verwonneren. Ower du hues recht, dat passt net

heihin. — Ech muss mech wuel dru gewinnen en  
anerèn Kostüm ze droen.“ (Gét lénks aus)

---

---

## 5. OPTRET.

Gaston — Miller.

*Gaston*: (Greift sech un de Kapp.) E kennt seng  
Spillschold sichen. — Sapristi! —

*Miller*: (Kennt eran) „Entschellegt — hm, ech sin  
net gewint eso' lang ze wârden — —

*Gaston*: „Bonjour, Här Miller.“

*Miller*: „Bonjour — we' ass et? Bis ponkt 10 Auer  
hun ech a mengem Hôtel gewârt —

*Gaston*: „Et war mir net me'glech —“

*Miller*: „Net me'glech? Jé jé, Iech net me'glech fir  
de' Somm erbei ze schâfen, sot mir dat net.“

*Gaston*: „Haut den Owend sollt Dir dat Geld hun.“

*Miller*: „Mei le'wen Här Reiter, eng Spillschold ass  
eng E'reschold — wat soll ech machen wann Dir  
haut den Owend net bezuelt?“

*Gaston*: „Ech bezuelen!“

*Miller*: „Op E'rewuert?“

*Gaston*: „Op E'rewuert!“

*Miller*: „Bon! Also bis haut den Owend.“

*Gaston*: „An, Revanche!“

*Miller*: „Ganz gieren. (Get dem Gaston d'Hand)  
Au revoir!“ (Gét aus.)

*Gaston*: „Derr Deiwel net nach, wo' soll ech dat  
Geld hier huelen? — Ech kann dach dém Alen  
elo net nach erem Geld froen, dat gét net. Wann  
ech ge'f seng Handschreft nomachen — nén, dat  
ass zevill gete'erlech. (Geseit d'Geldkösch op dem  
Desch) Aha! Wat ass dann hei dran? (Mécht  
d'Kösch op, a sicht an de Papeiren, ass opgeregt)  
20 — 30 — hm, 30.000 frs., wann ech de' ge'f

huelen, ech kann dat Geld jo muer erem hémléich draléen. Mei Coup muss mir haut den Owend réusse'eren. (Stécht dat Geld an seng Täsch) Revanche, Här Miller! (Et klappt én un Dier) Entrée!

---

## 6. OPTRET.

Gaston — Anny.

*Anny*: (Kennt eran. Ass e jongt Médchen 18—20 Joer. Einfach a propper ugedon.)

*Gaston*: „Anny?“

*Anny*: „Jo, éch — Gaston!“

*Gaston*: „Wat wellst du dann hei?“

*Anny*: „Ere Papp froen, op et wo'er ass, dass mir aus dém Heisschen eraus müssen — —

*Gaston*: (Lâcht nervös) „We' wellt dann de' Sâch gleich eso' opfâssen! Dir sollt duerfir eng besser Wûneng kre'en.“

*Anny*: „Meng Mamm war hei, an Ère Papp huet sie grob ofgewiesen.“

*Gaston*: „Dat kann net sin. Oder deng Mamm huet hien secher net gut verstanen. Ech hun mat mengem Papp ausgemét, dir sollt eng besser Wûneng kre'en, an dém alen Heisschen kennt dir jo dach net me' bleiwen, schon eleng dengetwégen.“ (Gét ganz zärtlech op d'Anny duer).

*Anny*: „Mengetwégen net.“

*Gaston*: „Mä, du le'ft Kand, gläwst du dann nach emmer net, dass ech dech gieren hun?“

*Anny*: „Wann ech dat glèwe kennt.“

*Gaston*: „Mir sin zesummen an d'Scho'l gângen, an de' Kannerfrenschafft ass nach bliewen — denkst du net Anny dass doraus Le'ft entstoe kennt?“

*Anny*: (Traureg) „Gaston — ech wellt jo eso' gieren un deng Le'ft glèwen, — ower ech kann net.“

*Gaston*: Fir wat dann net?“

*Anny*: „Du bass ganz anescht gin — ech — ech färten dech —“

*Gaston*: (Lâcht fest) „O du dom't Kand. (Lues) Ech richten dir e fein't Heisschen an, deng zart Hänn (Kesst se) sollen net me' de' schwe'er Arbecht mâchen.“

*Anny*: „Wann ech deng Frâ sin?“

*Gaston*: „Gewess! — ower och schon e'schter. Firwat wellst du dech de ganzen Dâg ploen fir e puer Sous? Wan's du meng Frâ wellst gin, da musst du mir schon erlaben fir dech ze suergen. (Zärtlech) Ech wès e klengt Heisschen mat engem sche'ne Gârt ronderem, wo' ké Mensch kann derduerch gesin, dat hèscht dé Gârt ass mat enger Mauer emginn, an e sche'nt Sche'theisschen ass och nach do. Do sollst du mat denger Mamm wunnen, mein Hierz wan's de ganz le'f zo' mir bass, oder wellst sin.“

*Anny*: „Gaston — ech wès net — et ass mir eso' angscht. Wann ech nemmen glèwe kennt, dass du et oprichtig mat mir mengst.“

*Gaston*: „Ja wan's de nach zweifelst, dann ass et besser — —“

*Anny*: (Fällt dem Gaston un d'Broscht) „Verzeih — ech well dir vertrauen!“

*Gaston*: (Kesst d'Anny op de Mond) „O, du le'ft Kand!“ (Séngt):

Wann d'Blumen erem ble'hen,  
O, du mein hierzegt Kand;  
Ech well dech net bedre'en,  
Do drop gef mir deng Hand. (gin sech d'Hand)  
Wann d'Blumen erem ble'hen,  
Am volle Sonneschein;  
Sin ech bei menger E'er,  
Fir e'weg, e'weg dein.

*Anny*: (Séngt).

Ech well och trei dir bleiwen,  
O Gaston, du mei Gléck.  
Den Härgott ass mein Zeien,  
Net én énzegen Abléck,  
Wo' ech net un dech denken,  
Mein Hierz dir e'weg schenken.  
Emmer, emmer, Dag a Nuecht,  
Hun ech un dech, Gaston geduecht.

(Zesummen)

Wann zwé Hierzer sech hun fond,  
Sech gieren hun aus Hierzensgrond,  
Dann ass d'Welt eso' wonnersche'n,  
An den Himmel voller Te'n.  
A wann d'Nuechtegeillche schle't,  
De ganzen Dag bis owes spe't.  
Wat féhlt ons dann nach op der Welt?  
Wann d'Onglèck ons net iewerfällt —.  
An sangen d'Villercher um Bâm,  
O, dat ass jo we' en Drâm.  
O, we' get do d'Hierz eso' weit,  
Wann et eso' vill Gléck geseit.

*Gaston*: „Lauschter! Mei Papp kennt. Hien brauch  
elo nach neischt dovun ze we'ssen. Komm, ech  
bringen dech hèm bei deng Mamm!“ (Sie gin  
zesummen aus).

---

## 7. OPTRET.

Reiter — Lambert.

(Reiter a Lambert kommen zesummen vu lénks eran.)

*Reiter*: „Huelt Iech Plâtz, Här Lambert.“

*Lambert*: „Mei Bre'f dén hut Dir jo kritt?“

*Reiter*: „Gewess — Gewess! Dir schwreift, Dir hät  
mir eppes Wichtéges ze soen?“

*Lambert:* (No enger klenger Paus) „Et ass wuel besser ech machen net vill Emstänn an déer Sâch. Et ass Iech dach sècher net onbekannt, dass Ère Jong sech vill interesse'ert fir meng Duechter?“

*Reiter:* (Ganz verwonnert) „Fir Èr Duechter? Mei Gaston? Bestuede wellt hien sech? Dat ass mir nei!“

*Lambert:* „Dir wesst neischt?“

*Reiter:* „Mä ganz a guernet. — Vun eso' Sâchen huet mei Jong mir nach neischt gesot, an ech froen hien och net duerno. Dat wollt hien mir da ganz secher ere'scht soen, wann hien ganz secher wär, dass Dir âverstane sit. Well mei Sègen gin ech him aus vollem Hierz!“

*Lambert:* (Drèchen) „Ech net!“

*Reiter:* „Wat? Dir ge'ft mei Jong ofweisen?“

*Lambert:* (Stét op) „Offenhét ge'nt enén, Här Reiter! Sitt Dir dann iwer dat Dreiwen ausser dem Haus vun Èrem Jong ennerrîcht?“

*Reiter:* „Wat eng Frô ass dat — natirlech sin ech dat! Dir wesst jo, mei Jong huet stude'ert — a wellt e gro'sst Buch schreiwen, de' schwârz Seiten vum Liewen soll et behandeln — an dén arme Jong vergonnt sech keng Ro'h a gét mat vill Courage un seng Arbecht. — Èn Abléck, ech lossen e ruffen.“

*Lambert:* „Nach net! — Fir d'E'scht ge'f ech gieren mat Iech spre'chen — de Papp zum Papp. — Well mir de' Bekanntschaft vun Èrem Jong mat menger Duechter net entgângen ass, hun ech virun en etlêch Dég e lânt Gespre'ch mat menger Duechter gehuet. Meng Duechter huet mir dun och agestânen dass hatt Ère Jong gieren huet.“ —

*Reiter:* „Dat gut Kand —

*Lambert:* „An meng Duechter huet mir och gesot, Ère Jong ge'f op sengem Geburtsdag fir seng Hand bei mir ufroen.“

*Reiter:* „Dé gude Jong — a mech le'sst hien dobei ganz aus dem Spiel.“

*Lambert:* „Wann ech engem — mag et nun och sin wien et wellt, well ech kuken net no'm Geld, — meng Duechter gin, da muss ech de' Garantie hun, dass sei Gléck a guden Hänn ass!“

*Reiter:* „Wann nemmen én Mensch Èrt Kand glécklech mache kann, Här Lambert, dann ass et mei Gaston.“

*Lambert:* „A wann ech dorun zweiwelen?“

*Reiter:* (Verwonnert) „Bezweiweln?“ - Här Lambert-

*Lambert:* „Le'wen Här Reiter, Dir sit mir lánge Joeren als e braven Mann bekannt, dén et vun engem klengen Ufank mat viller Me'h zo' engem Verme'gen bruecht huet. Ower wat mécht dann Ère Jong? Dir sot: „e stode'ert“ — Kukt — Schon iewer d'Joer ass hien an Èrem Haus, ower dass hien emol eppes geschafft oder gelèscht hätt ass mir net bekannt.“

*Reiter:* (Am Eifer) „Ech sot Iech dach schon, dass hien Material sammelt, fir e gro'sst Buch ze schreiwén. — Oh Dir sollt hien emol iewer de' Sâche'eren. All Geheimnissen wellt hien erausfannen. Mei Jong huet eng Zo'konft —“

*Lambert:* (Bedauerlech) „Le'wen Här Reiter, ech gesinn, Dir sit déne Leidenschaften vun Erem Jong ge'ntiewer blann. — Ower ech muss Iech d'Aen opdin, villeicht ass et nach net ze spe't.

*Reiter:* „Wat sot Dir do? Leidenschaften? d'Aen opdin. — O Himmel — et ass dach neischt ge'nt hien am Gâng? Mein alt gut Gre'tchen huet mir schon eso' drolech geschwat.“

*Lambert:* „Ech wès aus sicherer Quell dass Ère Jong Nuecht fir Nuecht beim Spiel setzt, a vill Geld verle'ert. Hien ass en Dropmècher, e Spiller!“

*Reiter:* (Verwonnert) „Här Lambert!“ —

*Lambert:* „Ech muss Iech dat soen. — Hien ass en Droppmècher we' gesot. Ech huelen Undél un Iech, an ech hun Mattlèd mat Iech, an och mat Èrem Jong, schon eleng dodurch, well ech dat Ongléck hun, dass meng Duechter hien gieren huet.“

*Reiter:* „Lauter Schwindel, lauter Schwindel. We' wès, wat fir Neidsäck Iech dat alles gesot hun?

*Lambert:* „A well dat eso' ass, dorun sit Dir och schold drun, well Dir alles wat e sét fir boer Menz huet, d'Leitt verwonneren sech iewer Iech, ower et ass kèn do, dén Iech den Abgrond weisst dém Ère Jong entge'nt léft. —

*Reiter:* „Et ass net woer, — et kann net sin! (Verzweiwelt) Ech soll u mei Jong, u mei Kand net me' glèwe können? Här Lambert — sot mir dach — Dir hätt nemmen Spàs gemat!“

*Lambert:* „Et ass ké Spàs le'wen Här Reiter. Ech wellt ech kennt Iech eppes besseres soen. Ower villeicht kennt dir nach hellefen, et ass villeicht nach net ganz ze spe't. Wat ech mâche kann fir Iech ze hällefen soll gesche'hen!“ —

*Reiter:* (Ganz traureg) „Et ka jo net sin — ech glèwen et net. — Hahaha — mei Jong huet Er Duechter gieren sot Dir? An Dir, de reichen Här Lambert huet en aneren an Aussicht fir Èr Duechter, an duerfir erdenkt Dir elo allerhand fir mei Jong schlecht ze mâchen. So' ass et. —

*Lambert:* „Abé, elo sin ech gezwongen Iech nach e Beweis fir meng Behaptongen ze gin. Virgeschter Owend huet Ère Jong un e gewissen Här Miller eng gro'ss Somm Geld verluer, ge'nt E'rewuert, de' biß haut de muergen ze bezuele war. Frot emol Ère Jong op dat net stömt.“ —

*Reiter:* (Stottert) „Un — en — Här — — Miller — — dat war dach dén Här dén haut de muergen hei war.“ —

---

## 8. OPTRET.

Reiter — Lambert — Gre'tchen — Miller.

*Gre'tchen:* (Kennt eran) „Här Reiter! Dén Här dén haut de muergen hei war, wellt e Wuert mat Iech schwätzen.“ (Gét aus).

*Reiter:* (Léft bei d'Dir a ste'sst d'Gre'tchen nach eraus, rífft) „Kommt eran, kommt! —“



*Miller:* (Kennt eran.)

*Reiter:* (Pâkt de Miller mat de Schölleren) „Här — (ganz rôsen) dén Här do, (weisst op de Lambert) behâpt — mei Jong hätt un Iech eng gro'ss Spillschold ze bezuelen — sot him dass hien e Ligner ass! — (Le'sst seng Hänn vum Miller sengen Schölleren fâlen) Dir — sot — neischt — (Pâkt de Miller erem bei de Schölleren) sot mir d'Wo' récht! — Firwat komt Dir? —

*Miller:* (Steif an drèchen) „Ech bedauern — ower et ass eso' we' dén Här do set.“ —

*Reiter:* (We' am Drâm) „Et — ass — eso'.“

*Miller:* „Well Ère Jong net bezuele konnt — wosst ech kén anere Wé als we' heihin ze kommen. (Get dem Reiter e Schein) Wann Iech gelifft Här, hei ass dén vun Èrem Jong égenhändeg signe'erten E'rschein.“ —

*Reiter:* (Hellt de Schein a pre'ft en) „Also dach eso' — (gét bei den Desch a schreift eng Uweisung, a get se dem Miller) Hei hut Dir dat Geld.“

*Miller:* (Verneipt sech, andém hien de Schein hellt.)

*Reiter:* (Ganz rôsen) „Nun eraus! Eraus, Deiwel a Menschegestalt, eraus!“

*Miller:* (An der Dir) „Keng Dommhéten Här!“

*Reiter:* (Hellt e Stull a wellt dem Miller dén nach nowerfen andém e rifft) „Eraus!“

*Lambert:* (Fällt dem Reiter an den Arm) „Här Reiter!“

*Reiter:* (Le'st de Stull fâlen, a schwenkt gesteipt op de Lambert bis op e Stull.) An Deiwelshänn ass mei Jong gerôden. Mei Jong — mein énzegt Kand — e Spiller — (Kreischt a steipt de Kapp an seng Hänn a sét während dem Kreischen) E Spiller — mei Jong — mei Kand!“ (Kreischt virun).

— Gruppe. —

(De Miller stét an der Dir a kukt be's op de Reiter. De Lambert bëkt sech iewer de Reiter a lét besuergt seng Hänn op dem Reiter seng Schölleren.)

(D'Ridau fällt lues eraf)



de' dach nemmen e lauter Ligen waren. Hien huet o'ni sech ze bedenken an enger Nuecht dau- sende verspillt an dropgemét. — (Weisst dem Gre'tchen de Bre'f) Kukt hei — wesst du wat dat ass? Et ass eng Ofrechnong vu menger Bank. — Ech hun ké Konto me'.“ Dén Här Miller huet mat dem Schèk den ech him gin hun, och neischt me' kritt. (Zerdrekt de Bre'f) Sin ech dann ganz blann gewe'scht, fir é Schèk no dem aneren ze schreiwen, o'ni nozerechnen. Bâl e ganzt Verme' gen ass mir durch d'Fangeren geschmolz we' Bot- ter an der Sonn. — O, Gott a mein Här!“

*Gre'tchen:* „Dat ass jo schrecklech! Mä, ech wetten hien ass nemme grad duerzo' verfo'ert gin.“

*Reiter:* „Haha — haut halt Dir d'Hand iwert hien a geschter hut Dir dat net gemat: Nujé, 't ass eso' de Frâleitsmo'd. (Fir sech) Natirlech, — ech sin et jo och selwer an der Schold, dass et eso' weit kom ass. We' konnt ech eso' schwâch sin, an him all Wonsch erfellen?“

*Gre'tchen:* (Lét dem Reiter d'Hand op d'Schöller) „A grad duerfir sollt Dir verzeihen. De Gaston war Iech dach alles. — Dat duerft Dir net ver- giessen, Här Reiter. — Hut Dir geschter net nach selwer gesot: hien soll liewen we' et him gefällt. — An hut Dir mech net ausgelâcht, we' ech ge- sot hun: hien wèrd eso' lang liewen, bis neischt me' do ass. An haut wellt Dir e versto'ssen, well hien grad no Èrem Wonsch gele'ft huet. Dat ass och net recht, Här Reiter!“

*Reiter:* „Gre'tchen — hien konnt jo mâchen wat e wollt huet, mä e Spiller duerft e net gin. E ganzt Verme'gen huet hien eso' dropgemét, an ech hun derbei gestanen, an hun geduecht e ge'f stode'ren un sengem Buch.“

*Gre'tchen:* „Ja, Dir hut hien e Liewen fe'ere geloss we' Gott a Frankreich, o'ni hien emol ze kontrol- le'ren. Ower et ass nach Zeit, fir hien vun dém Wé zerèck ze reissen. — E Spiller — et ass jo schlemm — ower hien ass dach nach kén De'f, an

eso' gro'ss ass sei Fehler net, denken ech, dass Dir him net verzeihe kennt. — De Gaston ass leichtsenneg a rechnen ma'm Geld, dat huet hien net kannt, ower schlecht, Här Reiter — schlecht ass de Gaston net.“

*Reiter:* (Greift no'm Gre'tchen senger Hand) „Gre'tchen — ech danken Iech fir dat Wuert — Dir get mir domat d'Hoffnung erem. — Jo, jo Dir hut recht — schlecht ass mei Jong net, nemme verfo'ert ass e gin, an ech a menger Guthét hun hien eso' gewärde geloss. Mir zwé wellen him emol gut Wieder gin wann e kennt, a mir wärden him och emol. (Lauschtert) We' kennt dann elo?

---

## 2. OPTRET.

Reiter — Gre'tchen — Madame Brimmer — Anny.

*Mad. Brimmer:* (Hannert der Bühn) „An elo gèst de mat Anny, well Hémlechkéten leiden ech net.“

*Gre'tchen:* (Zum Reiter) „Mei Gott, dat ass d'Brimmesch. (Léft bei Dir, mècht se op a rifft eraus) O jesses Maria, Brimmesch — wat ass dann?“

*Mad. Brimmer:* (Nach hannert der Bühn) „Dem Här Reiter hätt ech e Wuert ze soen.“

*Gre'tchen:* „Kommt nemmen eran!. Wat hut Dir dann mat dem Anny, dat Kand kreischt jo? —“

*Mad. Brimmer:* (Kennt eran, an huet d'Anny mat der Hand) „Gude Muergen, Herr Reiter.“

*Reiter:* „Wat wellt Dir da schon erem? Ech sin elo guernet opgeluegt fir Iech unzehe'eren, ower ech well Iech et gleich soen, domat de' Laferei emol ophe'ert, ech gin Iech als Entschädigong well der fort musst aus dém Heisschen 400 Frang, an e puer Frang fir Hauszenz all Mo'nt sollen Iech och nach zo'kommen. Dir hut dat jo wégent menger Frâ verdengt “

*Mad. Brimmer:* (Zum Anny) „Geseis de Anny, dat ass eng ganz aner Ried, we' dem Här Gaston seng. Dén huet dech belunn. Ech hun et jo gleich net gegléwt. (Zum Reiter) Wann ech och eng arm Frâ sin, a wann Dir mech och geschter eso' grob ofgewiesen hut, ower eng e'erlech Frâ sin ech, an ech well kloer gesin, an duerfir sin ech elo hei-hinne kom.

*Reiter:* „Ech verstinn Iech net — Dir sot eppes vu mengem Jong?

*Mad. Brimmer:* „Mein Anny ass dach geschter hei bei Iech gewiescht —

*Reiter:* „Ërt Anny? Ech wesst net.“

*Mad. Brimmer:* „Hat huet nemmen den Här Gaston hei ugetraff, a mat him ass hatt duerno bei mech kom. Ganz glécklech ass hatt hèm kom. — Hat breicht net me' op seng Arbecht ze goen, soll dé jongen Här gesot hun, hien ge'f ons en Heisschen arichten mat engem sche'ne Gârt ronderem, a spe'der soll d'Anny seng Frâ gin. —“

*Gre'tchen;* (Fir sech) „O, du le'wer Himmel!“

*Mad. Brimmer:* „Ganz bestemmt huet hien dat gesot. A we' ech hien gefrot hun, op Dir dovun eppes ge'ft wessen, sot hien: „Mei Papp huet dat eso' ordonne'ert. Ower et soll elo nach ké Gespre'ch weider dovun gemét gin, bis d'Anny eng ganz fein Madame wèr, dann ere'scht sollt de' Sâch bekannt gin.“ Ech konnt de' ganz Nuecht net schlofen, eso' sin mir Gedanken am Kapp gangen. A well mein Anny haut de muergen scho gleich dohèm bliewen ass — dat dom't Kand wellt durchaus net me' op seng Arbecht gon — hun ech geduecht, elo gèst de bei den Här Reiter, a frést emol op dat och alles richtig eso' ass.“

*Reiter:* (Zur Seit) O Gott, och hei e lauter Ligen! Wat wèrd net nach alles erauskommen? (Zur Brimmesch) „Madame, ech muss doriewer nach mat mengem Jong schwätzen, da soen ech Iech beschéd.“

*Mad. Brimmer:* (Bestemmt) „Här Reiter — Ert e'er-lecht Gesîcht kann net le'en, och gesin lech et of, dass Dir vun de'er ganzer Sâch neischt wesst. (Hellt d'Anny mat der Hand, a sét:) „Komm Anny, mir wessen elo genug.

*Anny:* (Hällt d'Hänn virun d'Gesîcht a kreischt) „Oh Mamm, hien huet mech gieren! — Geschter op deser Plâtz huet hien mir et geschwuer.“

*Reiter:* „Arm't Kand, ech well Ère Glâf un hien net gieren zerste'eren, mä de Gaston — —

---

### 3. OPTRET.

Reiter - Mad. Brimmer - Gre'tchen - Anny - Lambert.

*Lambert:* (Kennt opgeregt a ganz verste'ert eran) „Här Reiter, Ère Jong — dén Hond, ass mat menger Duechter derduerch gângen, o Härgott, wat ass dat e Misère!“

*Reiter:* (Verzweifelt) „Derduerch! — (Hällt sech un e Stull fest.) Mat Èrer Duechter?“

*Anny:* (Mécht gro'ss Aen, a kukt op de Lambert a rífft) „Gaston! — —

*Lambert:* (Hellt de Reiter mat dem Arm a weisst op d'Brimmesch a sét:) „We'n ass dat?“

*Reiter:* (Gebrach) Oh, dat sin derr och de' hien belun huet.“

*Lambert:* (Ganz be'ss) „Dén Hond!“

*Gre'tchen:* (Dréckt d'Brimmesch an d'Anny durch Dir eraus a sét:) „Gitt, gitt fort.“ (d'Gre'tchen gét mat aus.)

*Reiter:* (Ganz opgerègt zum Lambert) „We' — we' ass dat kom?“

*Lambert:* (Ass och ganz opgerègt) „Ech hat geschter Nômettég en hârde Wuertwiessel mat menger Duechter. — Hatt huet mir trotz allem zo'rieden einfach gesot, et ge'f net vun Èrem Jong lôssen. Ech hun him gut Wieder gin, et konnt alles

neischt notzen. An engem Eifer dén sengesgleiche sicht, hun ech Dir hanner mir zo'geschloen an hatt eleng gelôss. Wann ech dat gewosst hät, dass de' zwè schon hiere Plang gemacht hätten — ech hat eng onro'heg Nuecht — ech konnt net me' am Bett bleiwen, a ganz ge'nt meng Gewunnècht sin ech ge'nt 6 Auer opgestanen. Ech hun un der Dir vu menger Duechter gelauschttert, -- et huet sech neischt dobanne gere'ert, ech mâchen Dir op, do geso'g ech jo dass hatt guernet am Bett war; an all Köschten waren durchenén geheit. Op dem Desch hun ech en Ziedel fond, do sto'ng drop geschriewen: Ech sollt him verzeihen, hatt kennt net anescht, a muer wèr hatt dem Gaston seng Frâ. — An derbei lo'g eng Quittong iewer 20.000 frs, de' hatt op Konto vun senger Mamm hierem Verme'gen am Geldschâf geholl hätt.“

*Reiter:* „Och dat nach! — Och nach en Durchgänger! — Här Lambert, — eso' weit darf et net kommen — elo net! -- Mir müssen se zerêck huelen, et kann och kaschten wat et wellt!“

*Lambert:* „Denkt Dir dann ech hätt neischt ennerholl? De' bescht Geheimagenten hun ech hinnen nogeschékt. — Ower sie sin ze weit viraus — wie wès, op de' se nach eremkre'en. (Ganz opgerégt) Dat mir aus Èrem Haus eso' e Lèd komme ge'f, dat hätt ech nie geduecht. -- Ower dat ass den Dank fir Èr Guthét. — Ja, wo' keng Mamm me' ass. do ass neischt me' lass! Wann ech dé Kierel fannen, ech schloen en do't. --

*Reiter:* (Stét op, a gèt bei d'Geldkescht.) 20.000 fr. sot Dir, ech well Iech dat Geld erem gin. —“

*Lambert:* „Wat notzt mir elo dat lompegt Geld! — Mei Kand well ech erem hun, e'er hat dém Brigang seng Frâ ass gin — an duerdo' heleft Dir mir, da soll alles gut sin.“

*Reiter:* (Mécht d'Geldköscht op.) „We' kann ech dat? Wès ech dann wo' se sin? A wann ech dat och wesse ge'f, sin ech dann mächtig genug fir Iech Èrt Kand erem ze gin? (Kukt an d'Geld-

köscht, greift sech un de Kapp, a fällt mat engem Kräsch an de Stull.)

*Lambert:* (Spréngt bei de Reiter.) „Wat ass?“

*Reiter:* „Ech sin — sin — bestuel — gin!“

*Lambert:* „Bestuel gin?“

*Reiter:* „Jo -- dat lèscht — ass fort, alles fort. (Ganz traureg) O, Gaston — e Spiller -- en Durchgänger — an — och en — De'f —! (Kreischt) Ech hun jo nach e scholdefrei't Haus — Här Lambert — dat — kennt — Dir — huelen — —

*Lambert:* „Här Reiter, — wann ech Iech tre'schte kennt. (Hârd) Eso' eng Le'ft huet eso' eng Strôf net verdengt. (Lét seng Hänn op dem Reiter seng Schölleren) „Här Reiter — —

*Reiter:* „Gitt Dir, — gitt — a sicht Ert Kand — an dén De'f, — sche'sst dén do'd wo' Der e fannt. (Fir sech) Dat arm't Kand do iewer am klengen Heisschen, hien huet dat och belunn. O, mei Gott, wat hun ech vill gut ze mâchen! (Fâlt seng Hänn) Härrgott, sin ech dann net emmer trei a brav mei Wê gângen, dass du mir eso' schwe'er ze drôe gesst? An elo — an engem Dâg, all Hoffnung vo mengem Liewen zerfall, alles verluer. — Et — ass — ze — vill! Op — émol ze vill! —

---

#### 4. OPTRET.

Reiter — Lambert — Commissär.

*Commissär:* (Kennt am Automantel hurtég eran.) „Elei fannen ech Iech, Här Lambert — —

*Lambert:* (Gét hurteg op de Commissär zo') „Hut Dir dann de' Dûrchgänger?“

*Commissär:* (An engem èschten To'n) „Mir hun se — ower —

*Lambert:* (Opgerégt) „We'?“ —

*Commissär:* „Mir waren we' de Wand hannert hinnen hier — sie konnten jo nemmen é Wê benot-



zen, do si mir ennerwê op en Auto getraff, dé ganz a Stécker war —

*Lambert*: „Oh, Gott mei Kand — —

*Commissär*: „E puer Mèter dervun lo'g Èr Duechter, ower guernet schwe'er blesse'ert.“ —

*Lambert*: (Voller Angst) „Wo' ass mei Kand?“

*Commissär*: „An Èrem Haus, et ass ên vu mengen Beamten do, an den Dokter och.“

*Lambert*: (Létt aus a riff) „Mei Kand, mei Kand!“

*Reiter*: (Hieft de Kapp, a kukt op de Commissär) „An dén, dé bei dèr Joffer war?“

*Commissär*: „Här Reiter, Ère Jong — —

*Reiter*: „Wat ass mat him?“

*Commissär*: „Ère Jong lo'g — ennert — dem Auto — an — hien ass do't.“

*Reiter*: (Lues) „Do't — ennert — dem Auto!“ — Härgott — (Stét op a kukt an d'Lût.) Härgott, du bass gerecht — elo kann ech och goen — —

*Commissär*: „Mir hun Ere Jong opgehuewen — —

*Reiter*: „Ech hun ké Jong.“

*Commissär*: „Ower et ass dach — —

*Reiter*: „Gitt bei den Här Lambert a sot zo' him, dén ale Reiter ge'f hien bieten, sengem Kand ze verzeihen — a wann hien kann — mir och.“

*Commissär*: (Salute'ert a gét aus.)

*Reiter*: „Elo wär ech fierdeg. (Kukt ronderem) We' kennt dach alles anescht hei sin wann ech net eso' e schwache Papp gewe'scht wär.“ (Gét bei den Desch, an hellt aus dem Tirang e Revolver, a gét mat festem Schrott lénks aus.) Gleich dropp knallt et.

---

## 5. OPTRET.

Gre'tchen dann Reiter.

*Gre'tchen*: (Kennt durch d'Metteldier era gelâf.) „O, Himmel, wat ass geschitt? — (Gét op Dir lénks

zo' a gét gleich erem ganz erschreckt zerèck, an huet d'Hänn gefält.)

*Reiter:* (Kennt nodém de Schoss gefall ass, an d'Gre'tchen op der Bühn ass, vu lénks eran, dat muss se'er goen, domat de Reiter no dem Knall gleich eran kennt. Eso'bal de Reiter op der Bühn ass, werft hien seng Ärm an d'Loft, a stolpert e we'neg hin an hier, dre'nt sech eng ke'er ronderem, a fällt nider.)

*Gre'tchen:* (Fällt wider d'Wand a rífft.) „Oh, Gott — Här Reiter — wat — hut — Dir gemat!“ — (Gét e Schrott op de Reiter zo'.)

*Reiter:* (Leit mat dem Kapp op der rechter Seit hin, a mat de Bèn no lénks, also quèsch iwer d'Bühn. De Reiter kann och op der Broscht e kenstléche Blutflèck hun, dat mécht d'Stéck me' ergreifend. D'Gre'tchen ass am Hannergrond rechts. De Reiter hieft de Kapp, a sét mat schwacher Stömm:) „Gre'tchen — alt — gut — Gre'tchen — verzeit — ech konnt — net — anescht — et — ass — ze — vill.“

*Gre'tchen:* (Fällt bei de Reiter op Kne'en.)

*Reiter:* „Du gut — trei — Se'l, — biet — fir — mech.“ (Mecht nach eng Ustrengong, a bleiwt dann ro'heg leien.)

*Gre'tchen:* (Helt de Reiter mat den Hänn, a rífft verzweifelt.) „Här Reiter — Här Reiter -- o Himmel — en ass do't!“ (Falt d'Hänn zesummen a sét ganz traureg) „O, Härgott am Himmel, hief du Erbarmen mat dem arme Mann, hien huet et gutt gemengt mat sengem Kand. All Frèd, all Gléck, ass do zerass, wo' keng Mamm — keng — Mamm me' ass. (D'Gre'tchen le'sst de Kapp traureg sénken, andém fällt d'Rideau lûes eraf.)

(SCHLUSS.)